I-2016-O-M-4914-01 (2691)

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Dépôt : Fernand Kartheiser
20. Oktober 2016
Débat suivant la déclaration CETA

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2016

2

**Motioun**

D'Chamber

- am Hibléck op déi konstitutionell a vertraaglech Rechter vun de nationale Parlamenter an hir politesch Wichtegkeet bei der Ratifizéierung vun engem internationalen Ofkommes, inklusiv vun engen Ofkommes, dat ënner déi gemëschten Zoustännegkeet vun der EU an hire Memberstaate fällt;
- am Bewosstsinn vun der Bedeitung vun den transatlantesche Bezéiungen a besonnesch och vun de Relatiounen mat Kanada;
- am Fall vum Ofschloss vum CETA-Accord tëschent der Europäescher Unioun an hire Memberstaaten, engersäits, a Kanada, anerersäits,

Fuerdert d'Regierung op:

- Der Chamber dee ganzen CETA-Vertrag mat Kanada virzeleeën, fir datt d'Chamber och kann iwwer dee ganze Vertrag am Hibléck op eng eventuell Ratifizéierung ofstëmmen;
- Der Chamber den CETA –Vertrag esou séier wéi méiglech virzeleeën, fir datt nach an dëser Legislaturperiod kann iwwer dee Vertrag ofschléissend ofgestëmmt ginn.